

Eng Klack fir eis Sprooch Nr. 305

Walfer Bicherdeeg

D'Frënn Nic Weber, Lex Jacoby an de Pol Pütz longe **goldrichteg mat hirer Iddi, e Bicherdag zu Walfer ze organisieren**; et guffen der och geschwënn 2 draus. Kulturell prima **motivéiert Gemengepappe** wéi de Carlo Mainz an den Nic Feider hunn dëst Uleies natierlech zerguttst opgefaang, an domat war et eng sécher Saach. Aus enger feiner Iddi ass **eng flott Institutiuon** ginn, déi haut aus dem Kulturliewe vun eisem Land einfach net méi rauszedenken ass.

Et muss och nach beduecht ginn, datt déi Walfer Initiativ **net nëmmen eng ‚Al Bicher-Saach‘** ass. Mir fannen do an den zwou groussen Halen esou zimlech alles, wat et vu Editiounen hei gëtt, déi gréisst wéi klenger an esouguer privater; et ass och méi ewéi een auslännesche Verlag op ‚eise‘ Bicherdeeg, an eis Zeitungshaiser loossen sech och net huelen, djee, et ass komplett!

Och fir eis Sprooch ass zu Walfer gesuergt. Dir begéint do esou ongeféier allem, wat an de leschte Joeren erauskomm an och wat ganz nei ass. Eis Actioun-Lëtzebuergesch ass zu Walfer mat hirem Stand ze fannen, zënter d'Hierschtfiore um Kierchbiereg hir Dieren zougemaach huet. Do fannt dir dann eis Publikatiounen a kënnst iech och Member maachen. **Dëst Joer gëtt eppes ganz Originelles: Mir hunn e Sproochconcours** ze bidden, bei deem et drëm geet, e puer Sätz op typesch Lëtzebuergesch an d'Däitsch a Franséisch ze iwwersetzen; hei donieft verstitt dir, datt et nawell dowäert ass, fir matzemaachen.

Firwat dann elo dëst klengt ‚Sproochspill‘? Mä fir jidderengem – dee gudder Wëll huet – kloerzemaachen, datt d'Lëtzebuergesch säin eegene Piedchen trëppelt, mat allem,

wat et aus de Sproochen hei rondrëm an och dem Engleschen eranhëlt. Iwwersinn ass d'Sprooch vum Shakespeare zum allergréissten Deel eng Mëschung aus ‚Germanesch‘ a ‚Romanesch‘, genee wéi eis Nationalsprooch; mat deem Ennerscheid, datt mir duerch eis weltwäit eenzeg Sproochesituatioun Däitsch, Franséisch an och Englesch an och Lëtzebuergesch stramm als Schoulsprouche matkréien...wat dir dann op déi Manéier global ëmsoss siche git!

Et gëtt nun emol ze dacks a **vill ze séier gemengt/gesot**, dëst oder dat wier däitsch/franséisch, wann et ëm ‚pur‘ Lëtzebuergesch geet. Beispiller ginn et maandelweis, an dir huet deer a leschter Zäit kéipweis hei an der KLACK kënne fannen. Ennersicht emol e Saz wéi dësen op däitsch/franséisch Wuerzelen: *Ech verquëssen deen topegen Dabo net*. Do laaft dir op e Stack...e lëtzebuergesch Stack! Eis Sprooch ass ‚schleehevoll‘ dees Gewuerzels; **et bräicht just eng Zort ‚Sammlung/ Dictionnaire‘, fir datt jidderem dat ka ‚bekäppen‘**. Dat wier ganz sécher besser an der Aarbecht fir d'Lëtzebuergesch, wéi vill ze séier a liicht Ausdréck an eisen ‚offiziellen Dictionnaire‘, den OL. eranzequëtschen. D'Fro ass just, ob dat och ‚wëssenschaftlech‘ genuch ass... mä wéi ass dann d'Definitiuon vum ‚Wëssenschaftlechen‘?!

Elo si mir zimlech wäit vun eisen allgemenge Walfer Bicherdeeg ewechgedabbert; **kuckt dee klengen Artikelchen hei niewendrun iwwer e klengt Wuert-Spill**. Mat zerguttsterte Präisser op eisem AL-Stand trëpple mir dee Pad, ëm deen et hei geet: Eiser Sprooch op all Fassong BEI DE LEIT eng Geleeënheet fir Nodenkes ze ginn!



Emol e Verglach

Wien sech eng Grimmel an d'Geschicht vum ‚Italien‘ **vun haut eraschafft**, dee gëtt emol eischens gewuer, datt, *toute proportion gardée*, eise Grand-Duché international-rechtlech méi al ass wéi ‚Italien‘. Dat war bis an déi 60-er Joere vum 19. Joerhonnert e Gewull vum Lännerstécker (Toscana, Parma, Reggio, Modena, Sardinien, Sizilien, Lombardei, Venetien...), **déi de verschiddenen Dynastien an och Frankräich gehéiert hunn**. Si verdanke Männer wéi dem Giuseppe Mazzini, dem Garibaldi an dem Cavour de ‚Stiwwel‘ vun haut! Lëtzebuerg ass deemno als eegestännege Staat – ënnert der Oraniendynastie (minus de ‚Luxembourg belge‘, wéinst en etlechen décke Propriétaires) – duerno eiser Nassau-Weilburg -Lëtzebuerg Dynastie-Famill – no 1839 méi al wéi dat, wat mir ‚Italien‘ nennen.

Eis Sprooch ass zu allen Zäiten net ganz **on-schëlleg dorun**; den Tun Meyer, de Dicks, de Lentz, de Rodange, den Nik.Welter asw. hatten d'Ëmstänn op jidfer Manéier erkannt. Si hunn d'Lëtzebuergesch vrun allem och als dat verstan, wat de Lëtzebuerg hir Eegenartgeheet ausmécht... sou wéi mir dat – no allem ‚Gedéngels‘ – haut kennen.

Leider hunn zevill Lëtzebuerg keen Donst vun eiser Geschicht aus de leschten 200 Joer a wëssen eis Chancen net héichzhalen; et muss een net onbedéngt en diploméierten Historiker sinn, fir eng ‚Schnauf‘ dovun ze hunn/kréien; et brauch een och net bei den Etrusker, de Griechen an de Réimer unzesetzen, fir erauszefannen, wat de Wiener Kongress vum 1815 bis haut fir äis bedeit! Hei ass eise Geschichtsprogramm vum den ënneschte Sekundarklassen net grad bei der Realitéit.



20, Conter-Strooss – L-5955 Izeg
Tel. 47 06 12
E-Mail: actioun@letzebuergesch.lu
lexroth@pt.lu
<http://www.actioun-letzebuergesch.lu>

Cotisioun: 20 €

CCPL LU75 1111 0066 4448 0000
BCEE LU52 0019 1000 7250 4000

Comité a Redaktioun:
Eise Bureau: Claude Bache (President a Caissier),
Patrick Kaell (Sekretär), Lex Roth (Vizepresident a Redakter)

* Utilité publique N° F53 61

Nächst Klack (Nr. 306): Samschdes, den 7. Dezember 2024

Eise Walfer Concours



Et ass wierklech dowäert, fir sech **d'Saach vun deem Concours ze bedenken**, deen d'Actioun-Lëtzebuergesch op de Walfer Bicherdeeg op hirem Stand organiséiert.

Präis 500€; 2.Präis 400€, 3.Präis 300€, de 4.Präis 200€, de 5. Präis 100€

Et geet hei drëm, en typesch lëtzebuergesch Saz op däitsch an op franséisch ze iwwersetzen. Do zielt dann dat méiglechst exakt Iwwerdroen an och d'Qualitéit an deer iwwersate Sprooch. Pro Sprooch sinn 3 Punkte méiglech. Am Fall vu gläichem Total tëscht Candidate ginn déi ugesaten Zomme gedeelt. D'Blat vum Concours muss OP DER PLAZ an ouni Gebrauch vum Handy oder aner Hëllef ausgefëllt gin

Well d' ‚Verbessere‘ jo net direkt op der Walfer Plaz ka gemaach ginn, ass um Ziedel en Eck fir den **Numm, d'Adress** a wa méiglech **d'e-mail Adress**, sou wéi **onbedéngt eng Kontosnummer** an deer Rubrik unzeginn. Vill Chance!!!

Hei e puer BEISPILLER a méiglech Opléisunge vu Froen:

Gëff dech elo: Cesse maintenant / Krieg dich jetzt ein!

Hal se zou: Ta gueule / Halt 's Maul!

Jäiz net sou haart: Ne crie pas si fort/ Schrei nicht so laut!

Ech hunn den Hick erëm: j'ai de nouveau le hoquet/ habe schon wieder Schluckauf...

Dem E.A.Poe säi ‚RAVEN‘

E gëtt knapps een, deen Englesch schwätzt oder geléiert huet, deen dëst **Weltliteraturwierk** net matkrut, och d'Iwwersetzung vum ‚Raven‘, z.B. déi franséisch vum Charles Baudelaire hunn e Welt-Wee gemaach; an deen dann och elo an eis Sprooch.

Esou ‚einfach‘ ass dat net gewiescht... ower eise ‚Kueb‘ kann sech vis-à-vis vun den anere Sproochen weisen. Dir fannt **‚de Kueb‘ dann elo och am Katalog vun deer formidable Expo ‚Babel heureuse‘** am Mu-

sée vun eiser Hauptstadt, déi iwwer den Ufank an d'Entwécklung vu praktesch alle bekannte Sproochen geet. Si ass **vun der Madame Barbara Cassin ‚de l'Académie française‘, curatéiert‘** a bis an d'Fréijoer eran ze gesin; dat eleng wier ewell eng Referenz. Et ass eng absolutt Meeschterleeschtung, un deer eise jonke Spezialist, den Dr. Gilles Genot säin groussen Deel Verdéngscht huet. Loosst iech dat ëm Gottesbideswëllen net laanscht d'Nues gonen!

„Aus der Schnoken-Trilogie“

Bosseg Trauer

*No enger längerer Vakanz
ginn d'Zeitungskéip doheem gekuckt;
net alles sou wéi soss a ganz,
just dat, wat do un Trauer bruckt.*

*Do fënnt dann d'Siss dem Mett säi Bild.
Hat rífft deem senger Fra gläich un
a freet, wéi d'Frëndin sech da fillt.*

*„Ech hat en an de Gaart geschéckt,
eng Kachecht Boune plécke goen;
hien ass net komm, ech gong him no;
wat soll ech do nach weider so'n...
hie long do dout am Gaardepad,
ech weess bis haut net, wat en hat.*

*„Wéi ass dat dann du weidergaang?
Wat ass dat do eng gujleg Saach!“*

*„Jo, mä gezéckt hunn ech net laang,
an eng Béchs lerzen opgemaach.“*